

dass éischtens de Stat nach net Propriétaire vum Terrain war, dass zweetens de ganze Käschtelmat mat den Alentouren asw. nach net bekannt war an dréttens keng Informatioun vun der Regierung koom, wéi d'Concertshal sollt géréiert ginn, wien dat sollt maachen a wat alles sollt dran opgefouert ginn.

All dës Tatsaache beweisen, dass d'Regierung zu deem Zäitpunkt nach kee Konzept hat, wat se wëllt maachen, an och haut nach net, mä einfach aus elektorale Grënn emol wollt eppes bauen.

D'Propositoun vum haut huet de Verdéngscht, grad zum leschten Thema Konzept/Inhalt en Ustouss ze ginn, a mir begreissen dofir dës Initiativ.

D'Thema Numm vum dësem Zentrum wëll ech mer hei erspueren. Wichteg ass, dass d'Gestioun no wirtschaftleche Kritären organiséiert gëtt, a wichteg schéngt eis och ze sinn, dass d'Jugend verstärkt an d'Responsabilitéit mat abezu gëtt.

Awer bei all deene genannte Kritiken a Problemer, déi hei schonn ugefouert gi sinn, an no der Matdeelung vun der zoustänneger Ministerin, dass e Groupe de concertation agesat ginn ass, fir all dës Problemer ze studéieren, musse mer bedauern, dass et nach laang wäert daueren, bis eis Jugend eng uerdentlech Rockhal wäert kréien, an dat ass schued.

De politeschen Hickhack hei an der Chamber an dobaussen, d'Tatsaach, dass eng Majoritéit eppes plangt an déi nächst eppes anescht mécht, léisst bei de Leit e Bild opkomme vum engem Pingpongs-Match, e Pingpong tëschent der Buergermeeschtesch vun Esch vun der LSAP an der Ministesch vun der CSV, wou d'DP och nach mam Dësch hin an hier rennt, fir d'Saach méi deier ze maachen.

A wann en eminente Vertrieder vun der CSV haut hei an engem Zwëscheruff gesot huet, elo ginn emol Neel mat Käpp gemaach, da beweist dat, dass seng Partei a seng Regierung bis elo dat net geschafft hunn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, ech wollt dem Här Greisen soen, dass d'DP net brauch mat engem Dësch hin an hier ze rennen, scho guer net bei deem dote Projet. Ech hu festgestallt, dass d'Virriedner alleguer erëm de ganze Froekomplex vun der Rockhal hei opgewiermt hunn am Kader vun dëser Proposition de loi. D'Demokratesch Partei huet zu dësem Punkt schonn an der Vergaangenheet e puermol Stellung geholl. D'Ministesch huet hei op Froe geäntwert, esou dass vun eis aus kee weideren neie Beitrag zu dësem Sujet brauch bruecht ze ginn.

*(Interruptions diverses)*

Den Här Schummer huet se jo gemaach!

**M. le Président.-** Et ass kee Vertrieder vun der Regierung hei, fir d'Wuert ze huelen. Domat ass dëse Punkt ofgeschloss.

Mir kommen zur Proposition de loi 4744 portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg durant l'occupation nazie. Den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Fayot, huet d'Wuert.

## 7. Proposition de loi 4744 de M. Ben Fayot portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg durant l'occupation nazie

*Présentation*

**M. Ben Fayot (LSAP), auteur.-** Här President, ech hunn dës Proposition de loi abruecht, fir dass mer zu Lëtzebuerg déi Réflexioun och weiderdreiwien, déi et a ville Länner ronderëm eis a besonnesch an deene leschte Jore ginn ass, nämlech déi Erënnerungsarbecht (travail de mémoire) iwwert d'Shoah, dat heescht iwwert d'Exterminatioun vun de Judden, mä och iwwer all déi Persécutiounen vum Naziregim während dem leschte Krich hei zu Lëtzebuerg.

Wann een haut an Däitschland, besonnesch a verschiddenen Deeler an Ost däitschland, kuckt, wéi eng Naziideologie op der Strooss sech erëm breet mécht a wéi et an deem Land sougenannt „nationalbefreit“ Zone gëtt, wéi also den Nationalsozialismus, den Nationalismus an och d'Friemefeindlechkeet a verschiddenen Deeler vun Däitschland, mä och an anere Länner sech breetmaachen, da muss ee soen, dass dësen „travail de mémoire“ méi wéi jee wichteg ass an een esouguer 55 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich ëmmer erëm muss dorobber zrëckkommen.

Och zu Lëtzebuerg, mengen ech, muss een deen „travail de mémoire“ weiderféieren, wéi an alle Länner vun Europa, wou déi Naziherrschaft war. Déi eeler Generatiounen kënnen sech un dat erënneren, déi jénger Generatiounen net, an deen „travail de mémoire“ ass besonnesch als Warnung fir déi jénger Generatiounen noutwendeg.

An dëser Proposition de loi ginn ech spezifesch op d'Spoliatiounen vun de Judden vu Lëtzebuerg während der Nazioccupatioun zu Lëtzebuerg an.

Et kann ee sech d'Fro stellen: Firwat zu dësem Zäitpunkt esou eng Propositoun, fir eng Commission d'étude ze maachen? Ech soe wuelverstanen eng Commission d'étude, well jo hei eppes soll studéiert ginn, eppes erausfonnt ginn, ob vis-à-vis vun der jiddescher Gemeinschaft zu Lëtzebuerg d'Indemnisiatioun, d'Reparatioun vun deene Spoliatiounen an deem

Onglëck während dem Zweete Weltkrich nom Krich geschitt ass.

Ech soen och am Exposé des motifs, dass natierlech d'Ausgankspositioun zu Lëtzebuerg eng aner ass wéi zum Beispill a Frankräich, an der Belsch oder an Holland, wou et jo ähnlech Commissions d'étude gëtt, well eben de Lëtzeburger Stat während dem Zweete Weltkrich net méi bestanen huet, well e vun enger däitscher Zivilverwaltung ersat ginn ass. An där Hinsicht huet natierlech de Lëtzeburger Stat keng direkt Verantwortung, net wéi zum Beispill a Frankräich, wou viru kuerzem déi héchsten Instanz vun der franséischer Republik d'Responsabilitéit fir dat, wat ënnert dem Vichy-Regim vis-à-vis vun de Judde geschitt ass, iwwerholl hunn.

D'selwecht och an der Belsch an an Holland, wou eng national Verwaltung während dem Zweete Weltkrich weider bestanen huet, allerdéngs ënnert der strikter Kontroll vun den Nazien, mä nach huet déi Verwaltung weider bestanen.

Dat ass jo bei eis net de Fall gewiescht, wou de Stat, seng Organer a seng Verwaltung ersat gi sinn. Ech wëll dat kloerstellen, fir datt do kee Mëssverständnis opkënn.

Mir hunn och nom Krich e Krichsschiedgesetz ugeholl. Dat ass d'Gesetz vum 27. Mäerz 1950 iwwert d'Krichsschied, also iwwert d'Dommages de guerre. An deem Gesetz si jo eng ganz Rei Präzisatiounen komm, wéi d'Leit ze entschiedege waren, déi ënnert dem Krich an de Krichsfaiten ze leiden haten.

Allerdéngs constatéiert een an deem Krichsschiedgesetz, datt d'Persécution raciale net als Kritär ugefouert war, fir déi Indemnisation ze kréien. Dat ass eng Constatatioun, déi ee muss maachen. Ech weess net, ob dat elo wëllentlech geschitt oder vergiess ginn ass. Mä op alle Fall muss een dat constatéieren.

D'Fro stellt sech, wann ee vu Spoliatiounen vu Judden zu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich schwätzt, wéi ee virgoe soll, fir ze constatéieren, ob do effektiv e Besoin ass, fir weider Reparatiounen ze maache par rapport zu deenen, déi nom Krich duerch d'Krichsschiedgesetz geschitt sinn. Well et ass jo kloer, datt déi Judden, déi erëmkomm sinn, eng Rei Reparatiounen kritt hunn, sief dat datt se hir Haiser, hir Geschäfte oder soss Gidder zrëck kritt hunn. D'Fro stellt sech, wéi ee feststelle kann, datt déi Reparatiounen, par rapport zu deem Onrecht, wat geschitt ass, duergaange sinn.

Et gëtt do an de Länner ronderëm eis eng Rei Beispiller. Ech zitieren d'Beispill vu Frankräich, wou eng Kommissioun, Commission Matteoli genannt, vum Premierminister Alain Juppé agesat ginn ass. Déi huet als Opdrag kritt, fir ze studéieren, wat d'Reparatioun vun deene Schied vun der jüddescher Gemeinschaft a Frankräich soll beinhalten. Si soll och Recommandatiounen maachen, fir déi Reparatiounen ze ginn.

Doropshin ass eng zweet Kommissioun agesat ginn, déi dann eigentlech déi Demandes d'indemnisation soll examinéieren.

Besonnenesch déi Commission Matteoli huet eng ganz wichteg Aarbecht gemaach, wat och a Frankräich, wou jo déi jüddescher Communautéit vill méi grouss war, eng laangwiereg an opwendeg Aarbecht war.

Datselwecht kann een och an der Belsch constatéieren. An der Belsch ass och esou eng Kommissioun geschafe ginn, wou mir eis zu Lëtzebuerg kéinte ganz staark drun orientéieren, well déi Kommissioun och en theoretesche Kader opgestallt huet, wien dann elo ënnert déi Demande d'indemnisation kéint falen.

Ech ginn net weider op déi technesch Detailer an. Ech wëll just drop hiweisen, datt mir zu Lëtzebuerg eng Rei Méiglechkeeten hätten, fir dat ze studéieren. D'Dossiere vun Dommages de guerre bestinn nach. Et gëtt 80.000 Dossiere vun Dommages de guerre, déi disponibel sinn. Et gëtt och aner Dossiere vu Judden, déi sech an den 30er Joren zu Lëtzebuerg opgehalen hunn an net Lëtzeburger waren. Et ass also eng historesch Matière do, mat där ee ka schaffen.

Ech wëll och nach dobäifügen, datt ausser deene Länner, déi ech scho genannt hunn - Frankräich, d'Belsch an Holland - et och international Kommissiounen gëtt, wéi an Norwegen, a Schweden an an der Schwäiz. Et gëtt a verschidde Länner an Osteuropa där Kommissiounen. Et ass eng Propositioun vun der Commission Matteoli, fir am Joer 2002 déi verschidden national Kommissiounen och zesummen ze bréngen, fir déi Fro do um europäesche Plang ze studéieren.

Ech wëll och nach drop hiweisen, datt besonnenesch um Plang vun de Konschtwierker eng international Kommissioun funktionéiert, déi „Warspoils“ heescht, wou Lëtzebuerg och vertrat ass, ënner anerem duerch den Här Paul Dostert, en Historiker, dee jo Direkter am Conseil national de la résistance ass. Do gëtt probéiert, fir déi iwwer 60.000 Konschtwierker, déi an Europa verspreet sinn, ze fannen an deene rechtméisseg Propriétaires erëm ze ginn.

Et ass also nieft Lëtzebuerg an Europa eng ganz Aarbecht amgaangen. Et gëtt och Texter vum Parlament vum Europarat, dee sech doriwwer ausgeschwat huet. Et schéngt mir fir Lëtzebuerg wichteg, fir och an deem Mouvement dran ze sinn a fir Kloeerheet fir Lëtzebuerg ze schafen, ob déi Spoliatiounen richteg indemniséiert a reparéiert gi sinn nom Zweete Weltkrich oder ob do nach eppes ze maachen ass.

Wat d'Propositioun vun esou enger Kommissioun ugeet, gëtt et verschidde Modeller. An der Belsch an och a Frankräich si Magistraten dran, Historiker an och Vertrieeder vu jüddescher Communautéiten. Et sinn op alle Fall Kommissiounen, wou Leit dra sinn, déi audessus de tout soupçon sinn, déi also objektiv a roueg,

ouni Fanatismus, déi Saache kënnen ugoen. Dat ass noutwendeg, fir déi Wourécht erauszefannen.

Här President, dat waren déi puer Remarken, déi ech wollt zu där Proposition de loi maachen. Wann ee gesäit, wat elo amgaangen ass mat der Reparatioun an der Indemnisiatioun vun den Zwangsaarbechter ënnert dem Naziregim, wann een och gesäit, wéi d'Sensibilitéit vun de Leit, och zu Lëtzebuerg, fir déi Entreprise war an ass, dann, mengen ech, kéint een iwwert de Wee vun esou enger Commission d'étude och en anert Element vun eiser Vergaangenheet, nämlech den Traitement vun der jüddescher Bevölkerung hei zu Lëtzebuerg duerch d'Nazien, an e Liicht stellen, wat och där heiteger Generatioun deen enorme Misère vun där Zäit duerleet.

An deem Sënn hoffen ech, datt dës Proposition de loi bei der Regierung net op en daaft Ouer stéisst. Et ass jo finalement nëmmen eng Commission d'étude, déi soll agefouert ginn. Eigentlech hätt ee fir eng Commission d'étude keng Proposition de loi gebraucht. Et war net meng Absicht, fir dat hei aus parteipoliteschem Intérêt ze maachen, mä et ass meng Absicht, datt mir iwwert d'Grenze vun de Parteien eraus och déi Noutwendegkeet fir Lëtzebuerg gesinn. An deem Sënn hoffen ech, datt dat hei e positiven Accueil bei der Regierung wéi och bei de Fraktiounen fënnt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als éischte Riedner ass de Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

#### *Discussion*

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Déi Gesetzespropositioun, déi de Kolleeg Ben Fayot elo grad hei presentéiert huet, ass eng Propositioun, déi e ganz sensible Beräich beréiert. Déi Zäit tëschent 1933 an 1945 war an Europa eng däischter. Alles dat, wat der jüddescher Gemeinschaft hei ugedoe gouf, ass onbeschreiblech, an dat Onbeschreiblech därer ni vergiess ginn. Dës Crime un der Mënschlechkeet huet natierlech fir d'alleréischte d'Liewen an d'Iwwerliewe vun de Membere vun der jüddescher Gemeinschaft beréiert. Dës Crime huet donieft awer och hire Besëtz a Matleedenschaft gezunn. Si si vum Naziherrscher enteegt ginn. Dat, wat si sech a Generatiounen erschafft hunn, jiddereen eenzelnen oder iwwer Generatiounen ewech, ass hinne geholl ginn.

An deene leschte Joren ass international vill vu Moossname geschwat ginn, déi sollen dozou bäidroen, fir dat Onrecht, dat der jüddescher Gemeinschaft während der Naziherrschaft ugedoe gouf, zu engem klengen Deel nees gutt ze maachen. Esou Aktiounen, och wa si mat materielle Moossname verbonne sinn, hunn natierlech éischter e symbolesche Charakter, well weder dat materiell a scho guer net dat moralescht Onrecht an dat mënschlecht Leed si gutt ze maachen.

Dem Här Fayot seng Gesetzespropositioun ka sécherlech als eng interessant Initiativ betruecht ginn. Et ass wichteg, wéi den Auteur och schreift, datt déi Zäit vum Zweete Weltkrich an eiser Erënnung bleift, datt mir dat, wat do geschitt ass, och an eiser sougenannter Mémoire collective opschaffen.

Natierlech - an den Auteur vun der Gesetzespropositioun weist och dorop hin - ass d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg e bësschen anescht wéi an eisen Nopeschlänner. Vun Däitschland ganz ofgesinn, ass awer och an der Belsch, an Holland oder a Frankräich d'Responsabilitéit vun de Länner an hiren deemolege Regierungen méi am Spill, well am Géigesaz zu Lëtzebuerg huet an dese Länner eng national Regierung weider existéiert.

Des Weidere gouf hei zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 27. Mäerz 1950 schonn d'Méiglechkeet geschafen, fir allgemeng Entschiedegunge fir erlidde Onrecht am Krich auszebezuelen. Den Auteur vun der Gesetzespropositioun bemierkt och mat Recht, datt dës Gesetz vum 1950 sécherlech Lücken huet, besonnesch a puncto Rassendiskriminéierung, mä och a puncto Nationalitéit vun deene Leit, déi en Urecht op eng Entschiedegung hunn. D'Rasseverfolgung ass net extra zréckbehale ginn als Ursaach fir eng Entschiedegung. Judden, déi keng Lëtzebuerger Nationalitéit haten oder keng patriotesch Akte konnten nowiesen, sinn net ervirgehewe ginn.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, wa Lëtzebuerg also scho relativ schnell nom Krich eng Législatioun geschafen huet, déi probéiert, fir Onrecht a Leed tant soit peu nees gutt ze maachen, esou huet dach och déi Lëtzebuerger Gesellschaft - an dat schéngt mer en natierlechen a mënschlechen Mechanismus ze sinn - d'Tendenz, fir manner schéi Momenter aus hirer Geschicht méi schnell ze vergiessen oder manner offen opzeschaffen. Ech erënnere hei zum Beispill och un de Problem vun der Collaboratioun.

Dësen Ofwiermechanismus ass souguer hei zu Lëtzebuerg vläicht méi ausgeprägt. De Gilbert Trausch huet scho mol als Erklärung dofir ginn, datt mir hei zu Lëtzebuerg esou kleng sinn, datt jidderee jidderee kennt, datt et dofir sécherlech méi schwéier ass, fir eng konsequent Vergaangenheitsbewältigung ze maachen. Well wie wëll schonn d'Gefor lafen, fir gewuer ze ginn, datt och vläicht Leit, déi him ganz no stinn, eng Vergaangenheet haten, déi net ëmmer zu all Moment ganz glorreich war.

A leschter Zäit sinn awer op deem Gebitt vun der Zäitgeschicht an der Roll vu Lëtzebuerg an de Lëtzebuerger am Zweete Weltkrich eng Rei vu ganz interessanten an opschlossräichen Aarbechte vu Lëtzebuerger Historiker gemaach ginn. Ech wëll hei ënner anerem, ouni exhaustiv wëllen ze sinn, de Paul Dostert ernimmen, dee mat senger Doktoraarbecht - an och weider duerno - ugefaangen huet, fir Tabuen ze brie-

chen a Liicht an dës Period vun eiser Geschicht ze bréngen. Mä och de Paul Cerf an anerer hunn an deene leschte Jore verschidden heikel Themen opgegraff a versicht, méi oder manner gutt Äntwerten op komplizéiert Froen ze ginn.

Mir sinn also hei zu Lëtzebuerg amgaangen, fir déi ouni Zweifel noutwendeg Vergaangenheetsbewältigung ze maachen, a mir sinn amgaangen, eist Wëssen iwwert dës Zäit ëmmer méi komplett ze dokumentéieren.

Mä natierlech ass et richteg a wichteg, wéi d'Renée Wagener och e Freiden an engem Kommentar am Woxx geschriwwen huet, datt d'Proposition de loi vum Ben Fayot de Mérite huet, fir nach eng Kéier méi intensiv op d'Noutwendegkeet opmierksam ze maachen, datt d'Lëtzebuurger Gesellschaft sech mat hirer rezenter Vergaangenheet méi intensiv beschäftege muss.

Esou eng Kommissioun, fir déi et am Ausland Virbillen gëtt - den Här Fayot ernimmt do ënner anerem d'Kommissioun Matteoli, an där esou eminent Perséinlechkeete wéi de Jean Kahn, President vum Consistoire central israélite de France, de Serge Klarsfeld, den Alain Pierret, dee vun 1986 bis 1991 franséische Botschafter an Israel war, oder och d'Annette Wieviorka, déi sech intensiv mat der Geschicht vun der Shoah befaasst huet, matgeschafft hunn -, wär sécherlech och hei am Land eng interessant Initiativ.

Mä, Här President, et muss awer séchergestallt sinn, datt esou eng Kommissioun och alleguer d'Moyene kritt, fir eng fouilléiert Aarbecht ze maachen. Wann ee sech de Rapport vun der Commission Matteoli ukuckt, da gëtt kloer, datt ganz verschidde Beräicher mussen ënnersicht ginn. A wann een dann och nach d'Oplëschung vun de Moyens matériels et humains, déi d'Commission Matteoli zur Verfügung hat, méi genee ënnert d'Lupp hält, da gesäit een, datt do eng ganz Herd vu Mataarbechter néideg ass.

Natierlech hätt esou eng Kommissioun hei zu Lëtzebuerg net déi Ausmoossen, wéi dat a Frankreich de Fall war. Mä trotzdem wäeren eng Rei vu Mataarbechter a vu Chercheuren noutwendeg, fir eng uerdentlech Aarbecht ze maachen. Et huet nämlech kee Sënn, fir eng Kommissioun anzusetzen an hir dann net déi néideg Moyenen ze ginn, fir ze garantéieren, datt si hir Aarbecht effikass ka maachen. Ech wollt dat just hei kuerz ernimmen.

Elo gëtt et awer en Hoke bei der Gesetzesproposition vum Här Fayot. Si geet méi wäit, wéi dat u sech néideg wär. Well fir eng Kommissioun anzusetzen, déi sech mat der Enteeignung während dem Zweete Weltkrich vun eise jüddesche Matbierger an de jüddesche Flüchtlingen, déi deemools zu Lëtzebuerg waren, beschäftegt, déi Virschléi soll maachen, wéi een dëst Onrecht versiche kann, erëm deelweis gutt ze

maachen, brauch ee kee Gesetz. Den Här Fayot huet dat zum Schluss vu sengem Exposé selwer gesot. Esou eng Kommissioun, déi, wéi gesot, nëtzlech an interessant wär, kann duerch en einfache ministerielle Beschluss an d'Liewe geruff ginn.

Ech denken also, datt de Mérite vun der Proposition de loi vum Här Fayot deen ass, fir nach eng Kéier op dës Saach opmierksam gemaach ze hunn.

Ech mengen awer net, dass et un der Chamber ass, elo ze handeln, mä éischter un der Regierung. D'CSV-Fraktioun géif begrëssen, wann esou eng Kommissioun géif an d'Liewe geruff ginn; allerdings menge mir, dass den Objet vun der Kommissioun sollt iwwert dat ewechgoen, wat elo strikt am Text vum Article unique, net am Exposé, vu senger Proposition präziséiert ass.

Wichteg ass et, an eisen Aen, dass déi Missioun och en edukativen an historiesche Charakter kritt, deen eis et erlaabt, déi gesellschaftlech noutwendeg Aarbecht vum Opschaffen a vum Net-Vergiessen ze maachen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech den Ausféierung vu mengem Virriedner gutt nogelasschert hunn, besonnesch dat, wat en zum Schluss gesot huet, da froen ech mech, ob et einfach duergeet, am Kader vun dëser Proposition de loi e Reglement ze maachen, dat vun der Regierung kënnt, an einfach esou eng Kommissioun anzusetzen.

D'Fro stellt sech, ob een net awer besser hätt, et géif een dës Proposition an eng Kommissioun vun der Chamber verweisen, well si ass zesummegeat aus engem eenzegen Artikel. Et gëtt gefrot, fir eng Kommissioun ze kreéieren, déi beim Premier ugesiedelt ass, déi dann den Ensembl vum deene Problemer, déi sech am Kader vun der Verfolgung vun eise jüdesche Matbierger während dem Krich gestallt hunn, soll studéieren.

Ech constatéieren allerdings, dass, säit d'sozialistesche Fraktioun an der Opposition ass, se sech wäit zrëck an d'Lëtzebuurger Geschicht begeet, fir Propositions de loi ze maachen. Mir kritiséieren dat guer net. Mir wëssen, dass d'lescht Joer den Här Di Bartolomeo eng Proposition de loi gemaach huet iwwert d'Spueniekämpfer. Mir sinn elo saisiert mat der Proposition de loi vum Här Fayot, a genau wéi bei mengem Virriedner ass och éischter bei eiser Fraktioun e Préjugé favorable, fir esou eng Kommissioun anzusetzen.

Mir sinn der Meenung, dass dat en interessante Beitrag ass, dass dat eng gutt Saach ass, an esou wéi dat och hei virdru gesot ginn ass, kéint een am Kader vun esou enger Kommissioun op viles, wat net opge-

schaft ginn ass an den Nokrichsjoren, zréckkommen an et verschaffen, besonnesch och fir d'Jugend erëm drop hinzewiesen, wat fir en Onrecht der jüddescher Gemeinschaft an och villen aneren hei zu Lëtzebuerg ugedoe ginn ass, esou dass mir dans l'ensemble favorable si fir esou eng Proposition de loi.

Den Auteur ass a senge mëndlechen Ausféierungen nach eng Kéier op d'Compositioun agaangen. Déi Argumenter, déi e gebraucht huet fir d'Compositioun vun där Kommissioun, esou wéi se soll ageruff ginn, schenge mer valabel ze sinn.

Bien entendu sinn am Ausland schonn - an et ass oft genuch gesot ginn - esou Kommissiounen agesat ginn. A Frankräich sinn zwou där Kommissiounen. Och an deenen zwee anere Benelux-Länner, der Belsch an Holland, fonctionnéieren esou Kommissiounen. Et ass eng Prise de conscience internationale op deem Gebitt. Dat ass e Mouvement, wou Lëtzebuerg och net soll op der Säit stoen.

Ech froe mech, wéi gesot, ob mer net vläicht kéinten an eng Kommissioun dat hei renvoyéieren, fir et vläicht nach ze verdéiwen, ze verdéiwen an deem Sënn, wat den Objectif ass vun der Etüd vun där Kommissioun an eventuell och d'Zesummesetzung. Dat ass eng Suggestioun, déi ech géif maachen.

Dat Eenzezt, wat mech e bëssen als Jurist stéiert an deem, wat den Auteur vun där Proposition de loi erabrénkt, ass, wat d'Missioun vun der Kommissioun soll sinn, zum Beispill „permettre à cette commission d'accéder aux archives“ - selbstverständlech, dat schénkt mer eng normal Saach ze sinn -, „et de régler le problème des délais de prescription“. Mir schénkt et awer, datt, wann een d'Délais de prescription regléiert, een dat nëmme kann iwwert de legislative Wee maachen. Dat kann net eng Kommissioun maachen. Dat ass e ganz klengen Detail. Ech wollt dat nëmme hei relevéieren, fir déi Proposition, déi mir maachen, ze étayéieren, an dann hätte mer kënnen, och wann dat hei vläicht net direkt vum Domän vun der Chamber ass, vläicht méi e fäerdeg, méi e fouilléierten Text un d'Regierung schécken, an et hätt och vläicht dee Mérite, dass d'gesamt Chamber vläicht mat méi Drock oder mat méi engem groussen Nodrock kéint dorop insistéieren, dass d'Regierung géif op dee Wee goen.

Tout compte fait, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei gesäit d'Asetze vun där Kommissioun et par conséquent des Proposition de loi als eng gutt Saach un, als eng interessant Initiativ, fir eben dat Onrecht, wat eiser jüdescher Gemeinschaft am Krich geschitt ass, nach eng Kéier nei opzeschaffen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, déi Proposition de loi, déi de Kolleeg Ben Fayot abruecht huet, huet ëmmerhin de Mérite, dass mer eis net nëmme mat deem Sujet befaassen, mä dass mer generell eis regelméisseg hei an der Chamber mat deem ausenanersetzen, wat viru méi wéi 55 Joer am Land geschitt ass.

Et ass ëmsou méi wichteg - obschonn de Gros vun deene Leit, déi déi Zäit aktiv materlieft hunn, net méi liewen -, dass ee gesäit, dass déi Generatiounen, déi hannendru kommen, sech ëmmer erëm op en Neits bewosst ginn, wat sengerzäit hei geschitt ass, dass dat am Fong eng lieweg lerschaft ass un déi Generatiounen hannendrun, fir ëmmer erëm ze verweisen op dat, wat do geschitt ass, fir préventiv am Land ze wierken, dass gewësse Stréimunge mussen ënnerbleiwen.

Mir gesinn am Ausland, dass ëmmer erëm do Stréimungen opbléien, an et ass och dofir un der internationaler Communautéit, fir gemeinsam sech dergéint opzelehnen.

Dës Proposition de loi geet virun allem zréck op eis jüdesch Gemeinschaft, op d'Verfolgung, d'Enteegung. Et ass vu menge Virriedner gesot ginn, dass et net direkt vergläichbar mam Ausland ass, well, wéi och den Auteur vun der Proposition de loi hei gesot huet, de Lëtzebuerger Stat als solchen net bestanen huet zu där Zäit, also och net konnt esou virgoen, wéi dat an Nopeschlänner de Fall war.

Nom Krich ass e Gesetz an der Chamber gestëmmt ginn iwwert de Krichsschued, den Dommage de guerre, wou de Gros vun deene Problemer geléist ginn ass, mä deemools waren net Kritäre vu Rass oder Relioun ausschlaggebend, fir déi Schied unzegoen.

D'Fro, déi ee sech misst stellen, ass déi, ob, wann een haut déi Diskussioun opwerft, net aner Gruppen, déi - ech wëll dat net falsch verstane gesinn - sengerzäit gesot hunn, si wieren am Kader vum Gesetz vum Dommage de guerre net richtig behandelt ginn, och iwwert dese Wee elo kéinten, mat Recht, vläicht soen: Eise Problem muss och erëm opgeworf ginn, well mir haten och aner Virstellungen, aner Iwwerleeungen, wéi dat deemools am Gesetz virgesi war, a mir hätten dann och gären, dass eise Problem soll zur Diskussioun kommen.

Ech sinn net genuch am Dossier dran - den Här Fayot weess do sécherlech méi -, ob et och eng Demande vun der jüdescher Gemeinschaft gëtt, ob mer där Fäll hei am Land hunn. Wann ech den Article unique vum Gesetz kucken, da kann een dervun ausgoen, dass den Auteur vun där Proposition de loi dervun ausgeet, dass et esou Problemer gëtt, well den Text seet: „d'émettre des recommandations au Gouvernement sur les restitutions et les réparations à accorder“. Dat setzt also viraus, dass där Situatioun bestinn. Ech hat

geduecht, dass esou eng Kommissioun emol misst fir d'éischt kucken, ob där Problemer do sinn, a wa jo, da misst se Propositione maachen. Hei setzt deen Text menger Meenung no viraus, dass där Problemer u sech do bestinn. Wann den Auteur därer kennt, dann ass sécherlech deen Text berechtegt.

Ech géif drop hiweisen, dass vun der Demokratescher Partei gesot ginn ass, dass d'sozialistesche Partei géif wäit zréckdenken. Et ass net u mir, fir d'sozialistesche Partei ze verteidegen, mä et ass awer en elementaart Recht, och vun engem Deputéierten aus der Oppositioun, fir eng Proposition de loi hei ze maachen.

Et ass iwwregens vun de Sozialisten nach eng Proposition de loi an déi do Richtung komm, vum Kollege Zanussi, fir um Niveau vun der Eisebunn a vum Complément différentiel, respektiv wat d'Pupilles de la Nation ubelaangt, ze regelen. Och dat ass e Problem, mat deem mer eis a leschter Zäit an der Kommissioun ausenanergesat hunn, wou een eng Kéier muss eng gesetzlech Léisung fannen, well och dat si Leit, déi vum Krich aus Schued erlidden hunn, déi hir Pappen oder hir Mammen am Krich verluer hunn, déi deemools net ëmgesiedelt oder mat ëmgesiedelt gi ware während sechs Méint. Déi sinn einfach net ënnert dat Gesetz gefall, an déi hunn awer warscheinlech dacks méi Schied hiert Liewe laang gehat, doduerch dass se de Papp oder d'Mamm verluer hunn. Déi sinn awer nach net entschiedegt ginn. Mer sollen och un déi denken a versichen, do eng Léisung ze fannen.

Insgesamt fanne mir dës Iddi ganz positiv, a si stéisst vun eiser Säit aus op Zoustëmmung. Ob dat elo e Règlement gëtt, ob mer an d'Kommissioun ginn, dat soll een diskutéieren; wichteg ass, dass et diskutéiert gëtt an eng Léisung fënnt.

Ech soen dem Auteur am Numm vu menger Fraktioun merci fir déi Initiativ, déi en hei geholl huet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, den Här Fayot präziséiert direkt am Ufank vu senger Proposition de loi zu der Spoliation des Juifs, dass d'Lëtzebuurger Regierung am Zweete Weltkrich net mam Naziregim collaboréiert an 1950 de Lëtzebuurger Stat d'Dommages de guerre reparéiert huet. Dat ass also eng Lëtzebuurger Spezifisitéit par rapport zu verschiddenen anere Länner, déi eis ëmginn.

An deem Sënn stellt de Problem, deen den Här Fayot hei ugeschnidden huet, sech vläicht och e bëssen anescht. Et gëtt duerch déi Präzisierungen awer och evident, dass ee muss déi individuell Dossiere vun all deene Leit, déi concernéiert sinn, studéieren, an dofir ass natierlech eng Kommissioun néideg, déi déi Aarbecht géif maachen, wat och den Inhalt vun der Proposition de loi vum Här Fayot ass. Dono kann dann

eréischt am Fong eng Diskussioun doriwwer stattfannen, ob Omissiounen oder Ongerechtegkeete geschitt sinn, an eigentlech och méi eng breet Diskussioun, ob dat alles och an de 50er Jore richteg gelaf ass.

Här President, mir stinn dës Proposition de loi prinzipiell positiv géintwärt. Eis frappéiert awer de Fait, dass déi heiten Initiativ esou spéit kënnt. Dat ass net dem Här Fayot seng Schold. Et ass liewenswäert, dass hien déi Initiativ hei geholl huet, mä et ass awer ganz spriechend a weist och drop hinn, dass mer zu Lëtzebuerg wéi och an anere Länner e Problem hu mat deene Crimen an Diskriminéierungen, deene Judden am Zweete Weltkrich ausgesat waren. Mir hunn eng ganz Zäit laang net vill iwwert dës wéi iwwert aner Problemer, déi sech am Kontext vum Zweete Weltkrich stellen, geschwat, an ech denken, dass dat och dermat ze dinn huet, dass et eng Rei vu Problemer gëtt aus där Vergaangenheet, wou d'Lëtzebuurger vläicht net besonnesch gär doriwwer schwätzen, well déi Vergaangenheet sech da kéint als net esou heroesch erweisen, wéi se vu verschiddene Säiten ëmmer duergestallt gëtt.

Natierlech muss een ofwaarden, wat d'Resultater vun deem Travail de mémoire wäeren, deen den Här Fayot proposéiert huet, fir kënnen esou eng Diskussioun unzefänken. Mir mengen awer, dass dat heiten nëmmen een Element ka si vun esou engem Reparationsprozess. Et gëtt aner Reparatiounen, déi musse geschéien, déi awer net nëmmen den Naziregim betreffen an eigentlech scho längst hätte kéinten ugefaange ginn.

Mir hätte scho längst kéinten iwwert d'Diskriminatioun vun der jüdescher Bevëlkerung an der Lëtzebuurger Gesellschaft schwätze virum Krich, am Krich an nom Krich, a firwat och net iwwert dee latente Antisemitismus, dee mer och haut nach ëmmer zu Lëtzebuerg kënne begéinen, souguer och a Milieuen, déi ganz opgekläert sinn, wou ee sech dat eigentlech a priori net géif erwaarden.

Ech wëll drop hiweisen, well virdrun och e bësse vum Här Wiseler déi Virkrichszäit ugeschwat ginn ass, dass et do ganz konkret Saache gëtt. Ech denken zum Beispill un d'Haltung vum „Lëtzebuurger Wort“ an där Zäit par rapport zu der jüdescher Fro, un d'Positiounen vu vereenzelten - ech betounen d'Wuert vereenzelten - Resistenzorganisatiounen par rapport zum Antisemitismus, déi sech do absolut net distanzéiert hunn. Esou Beispiller gëtt et sécherlech nach.

Här President, ech weisen op déi Saachen hin, fir ze weisen, dass een dat ganz Thema vläicht méi global muss kucken an de Problem net därer limitéieren op d'Analys vun Dossieren an eventuell materiell Reparatiounen.

Dat hei därerf net eng Ersatzhandlung si fir eng dréngend néideg Konfrontatioun vun der Lëtzebuenger Gesellschaft mat hirer rezenter Geschicht. Dofir wëllt ech dat och an en nach méi globale Kader setzen a soen, dass mir zu Lëtzebuerg ganz grouss Lacunen hunn, wat wëssenschaftlech Geschichtsfuerschung betrëfft, zum Beispill iwwert den Zweete Weltkrich, awer och iwwer aner Lëtzebuenger Realitéiten, dass een déi Lacunen onbedéngt muss schléissen.

Mir froen eis - an den Här Garcia huet an deem Sënn och schonn emol eng Motioun hei abruucht; ech mengen, si war och ugeholl ginn -, ob een net misst en Institut fir Sozialgeschicht zu Lëtzebuerg schafen, fir dass déi Fuersungen, déi et schonn op verschiddene Plaze gëtt, kënne koordinéiert an och méi systematesch bedriwwen ginn. Do schéngt eis eng Urgenz och zum Deel virzeleien, net nëmmen, wéi dat heite Beispill weist, well déi Leit verschwannen, ëm déi et bei eventuelle Reparatiounen geet, mä och well eng Sozialgeschicht, déi sech mat där Zäit ausenansetzt, ëmmer méi Schwieregkeete kritt, fir Zeien ze fannen, déi nach eppes kënnen iwwert déi Zäit aussoen.

Här President, d'Sozialgeschicht ass, wéi mer et och hei gesinn, keng akademesch Saach. Si huet ganz konkret Auswierkungen heiansdo, an donieft ass d'Opschaffe vun der Geschicht wichteg, fir och haut géint Viruerteeler, géint latente Rassismus an och géint latenten Antisemitismus kënne virzegoen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Fayot huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Ben Fayot (LSAP), auteur.-** Merci, Här President, ganz kuerz.

Ech soe fir d'éischt emol de Riedner vun deene verschiddene Fraktiounen villmools merci fir hir Beibrag an interessant Suggestiounen. Ech si mam Här Wiseler d'accord, dass een natierlech déi Mission éducative et historique soll ënnersträichen. Dat hei ass net nëmmen eng Affaire de gros sous - do si mer eis eens -, mä et ass e konkret Uleies, fir déi Spoliatiounen a Pillagen ze reparéieren an doriwwer eraus dann eben déi Erzéiungsmissioun am Historesche wouer ze huelen.

Den Här Rippinger huet proposéiert, deen Text do an eng parlamentaresch Kommissioun ze huelen an en do e bësschen auszebauen. Domat hunn ech absolut kee Problem, wann dat de Wëlle vun der Chamber ass, fir op dee Wee ze goen. Ech wollt hei wéi gesot en Ustouss ginn, a wann den Intérêt an der Chamber

besteet, fir sech weider heimat ofzeginn an dann der Regierung vläicht méi eppes Substanzielles virzelee wéi dat hei, hunn ech absolut kee Problem domat, an ech si ganz gär bereet, fir mat op dee Wee ze goen.

Den Här Gibéryen huet ganz richtig gesot, dass et hei drëm geet, fir sech mat eiser Vergaangenheet ausenansetzen. Sécher kann ech elo net - soss hätt ech jo keng Commission d'étude virgeschloen - soen, dass et effektiv gravéierend oder eklatant Fäll gëtt, wou ebe sou Spoliatiounen net reparéiert gi sinn. Dat ass eng ganz komplex Matière. Wann Der bedenkt, dass d'jüdesch Communautéit zu Lëtzebuerg virum Krich aus 2/3 Auslänner an 1/3 Lëtzebuenger Judden zesumme gesat war, da kann ee sech virstellen, dass do eng ganz Partie vun deene jüdesche Matbierger an der ganzer Welt verspreecht sinn.

Mir hunn Accords de réciprocité mat verschiddene Länner fir d'Reparatiounen, mä zum Beispill net mat Polen, wou ganz vill Leit bei eis komm sinn, deemools. Do gëtt et also eng Aarbecht, déi relativ komplex ass, an dofir ass et och net méiglech ze soen: Deen an dee Fall ass flagrant, do musse Spoliatiounen reparéiert ginn. Mä ech soen awer och dem ADR merci fir hiren Accord de principe.

D'Mme Wagener huet natierlech Recht, wa se seet, dass een an der Sozialgeschicht zu Lëtzebuerg nach munnech Fortschrétt maache muss. Den Här Wiseler hat jo och drop higewisen, dass et an der neier, jonker Geschichtsfuerschung zu Lëtzebuerg interessant Usätz gëtt, mä natierlech ass de Problem ëmmer dobäi, dass dat Individualfuerschung ass, an esou eng Sozialfuerschung an der Géigewaartsgeschicht ass extrem opwendeg an extrem komplex. Dofir kann ee sou eng Iddi wéi déi vun engem Institut d'histoire sociale och weider dreiwien.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach eng Kéier der Chamber merci soe fir déi positiv Aschätzung vun där Proposition de loi, an ech hoffen, dass och d'Regierung bereet ass, fir mat op dee Wee ze goen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Domat ass dëse Punkt ofgeschloss. Mir fuere viru mat eisem Ordre du jour mar de Mëtteg um halwer 3 mat der Interpellatioun vum Här François Bausch iwwert de BTB.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.09 heures)*